Interview Parc Merveilleux Bettembourg 2016

Froen zu eiser Bauplaz vun der Kichen am Parc Merveilleux zu Beetebuerg

Fir wat gëtt datt gemaach?

Well mär méi eng grouss Kiche brauchen a well mär musse fir d'Crèche kachen déi 2017 soll op goen.

Wéini hunn d'Aarbechten ugefangen am Parc a meng dir dass de Bau fir de 26/03/2016 fäerdeg gëtt?

D'Aarbechter hunn ufanks Oktober 2014 ugefange mat schaffen. Mär hoffe mol op jiddwerfalls dass de Bau fäerdeg gëtt am Mäerz am schlëmmste Fall wann de Bau net fäerdeg soll ginn géife mer dee Moment eng gutt Léisung fannen.

Wat bedeit dat fir eis den neie Bau am Parc?

Mär hunn eng méi grouss Kichen a virun allem hunn mer bësse méi Platz an dëser neier Kichen a mär kenne méi Stagiären astellen a kenne méi Zesummenaarbecht maachen.

Firwat gëtt eis Terrasse vergréissert?

Fir d'Clienten well si bei schlechtem Wierder dann d'Possibilitéit hunn dobaussen ze setzen ënnert der iwwerdeckten Terrasse an och wéinst da schéiner Aussiicht a fir dass d'Clienten och méi Confort hunn (net esou gedréckt sinn) a fir dass d'Clienten sech sollen einfach wuel fillen.

Fir wat hunn ma eng nei Preparatiouns-Kiche gebaut?

Well mär kenne vläicht nach méi Preparatioune selwer maachen, an dat an der aler Kichen net de Fall war, well si ze kleng war. Mär hunn och al Dag Firmaen déi bei eis an de Parc schaffe kommen. Déi nei Terrasse soll fir d'nächst Saison 2017 fäerdeg ginn an déi nei Preparatiouns-Kichen a grouss Kichen + Self Service solle fir des Saison 2016 fäerdeg ginn.

De Parc mécht seng Dieren de 26. Mäerz erëm op a mär freeën eis bis den 9. Oktober fir iech do ze sinn.

Interview mam Iliano A.

(Kichen-Equipe, Parc Merveilleux)